N°2703
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.08.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 30 Juli 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„De Waasserschutz gehéiert zu deene wichtegsten Aufgaben, déi mir am Kader vun enger nohalteger a sécherer Ressourcennotzung mussen erfëllen, fir och künftege Generatiounen eng qualitativ héichwäerteg an zouverlässeg Waasserversuergung ze hannerloossen. Zousätzlech spillt de Waasserschutz och bei verschiddene Wiederphenomener, ewéi zum Beispill bei Iwwerschwemmungen, eng wichteg Roll.

Ofgesi vun nationalen Ustrengungen, sinn och um Niveau vun der EU eng Rei Direktiven ugeholl ginn, déi d'Länner verflichten, fir an dëse Beräicher weiderhin aktiv ze bleiwen, a se dobäi finanziell ënnerstëtzen. Trotz gréisseren Efforten, fir an deem Beräich Léisungen ze fannen, ass e gudden Deel vun eise Gewässer nach net an engem zefriddestellenden Zoustand.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi gesäit den Här Minister den aktuellen Zoustand vun eise Quellen a vun eise Gewässer?
- Wéi eng Mesuren, vun deenen een sech mëttelfristeg eng Verbesserung vun der Waasserqualitéit erwaarde kann, sinn amgaangen ëmgesat ze ginn oder goufe schonn ëmgesat ?
- Wéi vill Sue goufen an de fënnef leschte Joer fir de Quelleschutz, de Waasserschutz a fir Renaturéierunge vu Flëss a Baachen investéiert?

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

- Wéi vill Projete sinn de Moment nach ënnerwee?
- Aus wéi engen Ursaache kënne Renaturéierungen, déi scho jorelaang geplangt sinn, net ëmgesat ginn?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten